N°1097
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°1097 vum 8. August 2024 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Acquisition de voitures par la Police grand-ducale"**

D'Prozedur vun der ëffentlecher Ausschreiwung matt der Referenz 2400812, déi an der Fro vum honorabelen Deputéierte ernimmt ass, ass grad eréischt ofgeschloss an et sinn 3 Offeren zeréck behale ginn (Merbag, Bilia an Luxmotor).
Et sinn deemno och nach keng Gefierer am Kader vun dëser Prozedur, déi sech op „véhicules spéciaux" bezunn huet geliwwert ginn.

D'Prozedur vir d'Patrouillenautoen (« véhicules de patrouille») déi rezent vum Losch geliwwert gi sinn, an op déi d'parlamentaresch Fro sech bezitt, ass vu mengem Virgänger initiéiert an ofgeschloss ginn. Et sinn 58 Auto bestallt gi vir e Montant vun 3.333.280,90 € TTC. Elektresch Gefierer si keng dobäi

Ech well nach eng Kéier betounen, dass d'Regierung sech engagéiert huet dofir ze suergen dass d'Police déi adäquat Infrastrukturen an Equipementer zur Verfügung huet fir hir Missiounen an de beschtméiglече Konditiounen auszeüben.

Lëtzebuerg, den 21. August 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden